



An och d’Frais de fonctionnement, an dat si jo déi normal Fraisen, déi ee soss huet, och administrativer, déi hu mer op 20% respektiv bei deenen, déi net un eng Gemeng ugegliddert sinn, op 30% gesat. Iwwregens déi Net-CIGe kréien 2,4-mol de Salaire social minimum, well déi jo net direkt ënnerstëtzt gi vun enger Gemeng.

Elo de Schlëssel Encadrant an...

(Coups de cloche de la présidence.)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, Dir misst esou lues zur Konkusioun kommen.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Jo, jo!

...Encadrant a Leit, do hätte mer 1 zu 5, Verschiedener leien à peu près ronderëm deen 1 zu 5, anerer leien driwwer. Dat ass dann hire Problem a si musse kucken, wéi se do iwwert d’Ronne kommen. Ech sinn der Meenung, dass mer dee Schlëssel kënnen e bëssen eropsetzen, an zwar hu mer virgesinn, deen eropzesetzen op 1 zu 6 an de Budget 2019 an 1 zu 6,5 2020. Wann d’Ateliers protégés musse mat 1 zu 5 eens ginn, wou mer et mat Leit ze dinn hunn, déi schwéier Handicappen hunn, da muss et och méiglech sinn, mat esou engem Schlëssel an enger Initiative d’insertion iwwert d’Ronne ze kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech mengen, Här Zeimet, déi nächste Kéier musst Der eng Interpellatioun maachen.

(Hilarité et interruptions)

Dat gesot, gi mer elo zum nächsten... Jo, den Här Wiseler freet d’Wuert.

6. Dépôt d’une proposition de loi par M. Claude Wiseler

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här President, ech wollt nach d’Wuert froe fir den Depot vun enger Proposition de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Selbstverständlech, Dir hutt d’Wuert.

(Interruptions)

► **Une voix**.- Dat kann een zu jidder Zäit maachen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech hunn d’Wuert gefrot fir den Depot vun enger Proposition de loi. Et deet mer leed, wann ech net haart genuch geschwat hat! Fir den Depot vun enger Proposition de loi!

Merci, Här President, fir d’Wuert. Ech wollt eng Proposition de loi haut deposéieren zur Modifikatioun vum Gesetz vum 16. Juni 2017 iwwert d’Organisatioun vum Conseil d’État. Dës Majoritéit huet 2017 deen Text frësch gestëmmt an huet dobäi erkläert, dass se fundamental Ännerungen um Fonctionnement vum Conseil d’État géif maachen an dass deen neien Text eng Garantie wär, fir där „Institution-clé“, wéi se gesot hunn, eng Legitimitéit ze ginn a fir ze garantéieren, dass den Avis akzeptéiert géif ginn a vu jiddwerengem an engem largé politesche Spektrum och géif unerkannt ginn an och vu sämtleche Force-politiquë géif unerkannt ginn.

Dobäi huet se fixéiert, dass d’Designatioun d’selwecht géif bleiwen, wéi dat virdru war, an dräi agedeelt, alternativ fir d’Éischt d’Regierung, d’Chamber an dann de Conseil d’État. Dat huet net geännert. An zwee Kritäre sinn derbäigefouert ginn, dass ass d’Représentativité équitale an de Profill, dee muss ausgeschriwwen ginn, wann en neie Kandidat kënn.

D’CSV huet sengerzäit deen Text net matgedroen, an eise Spriecher, de Léon Gloden, huet sengerzäit gesot, an ech zitieren hien: „Hei stellt sech fir eis awer ëmmer nach d’Fro, wien dat kontrolléiert a wat geschitt, wa sech net dru gehale gëtt.“ „Deen Text“, sot en, „risquéiert, Lettre morte ze bleiwen.“

Well - an do fueren ech weider, seng Zitatioun ass eriwwe - déi Kritären, déi do drastinn, notamment d’Représentativité politique, extrem vag sinn. Si kënnen och d’ailleurs kontradiktoresch si mat aner Kritären, wann zum Beispill eng Partei dee grénge Profill proposéiert, deen anscheinend net deem entsprécht, dee proposéiert ginn ass oder dee gefrot ginn ass vum Conseil d’État.

Esou Diskussiounen, déi dann duerno entstinn, déi sinn net gutt fir de Conseil d’État, déi sinn net gutt fir d’Politik an déi sinn och schlecht fir déi legislativ Aarbecht, well e flouen Text ëmmer Diskussiounen bréngt.

D’CSV ass nach wie vor der Meenung, dass éischtsens all neie Member déi noutwendeg Kompetenz, déi de Statsrot dee Moment brauch, muss hunn. An duerfir ass de Profill fir eis wesentlech.

Zweetens, dass d’Legitimitéit och muss an deem Sënn assuréiert ginn, an dass mer et besser géife fannen, wann alleguer déi Kandidat vun enger gewieltener Chamber géife gewielt ginn, dat heescht, all Nominatiounen iwwert d’Chamber gemaach ginn, esou wéi mer et virdru proposéiert haten. Dat wär an eisen Ae méi transparent a méi kloer.

An drëttens, dass de Prinzip vun der Représentativité politique net am Text tel quel géif stoen, well, wann en esou flou ass an net definiert ass, dat ëmmer zu Diskussiounen féiert.

Dat war eis Proposition de loi 6821, déi déi Prinzipie sengerzäit schonn enthalen huet. A mat eise Text si mir iwwerzeegt, dass deen Duerjemeen, dee mir an deene leschten Deeg kannt hunn, net esou virkomm wär.

Duerfir, nodeems dass de Bewäis elo erbruecht ginn ass, dass de Regierungstext net uerdentlech fonctionnéiert, hu mer nach eng Kéier deen Deel, wat d’Designatioun vun de Membere ass, frësch formuléiert, adaptéiert op den aktuellen Text.

An ech hunn d’Éier, lech deen hei ze deposéieren, Här President. Deen ass ënnerschriwwen vum den Här Paul-Henri Meyers, vum Här Léon Gloden a vu mir selwer. An ech deposéieren deen am Numm vun der CSV-Fraktioun. Wann ech gelift!

7308 - Proposition de loi portant modification de la loi du 16 juin 2017 sur l’organisation du Conseil d’État

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci.

(Interruption et hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà. Merci.

Da komme mer elo zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, eng Aktualitéitsstonn iwwert d’Nuklearoffkommes mam Iran, ugefrot vun der LSAP-Fraktioun. An et ass den Här Marc Angel, deen aféiert an déi Diskussioun. Här Angel, Dir hutt d’Wuert.

7. Heure d’actualité du groupe politique LSAP au sujet de l’accord de Vienne sur le nucléaire iranien et la décision du président des États-Unis de se retirer de cet accord

Exposé

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, haut genau virun enger Woch huet den US-President Trump den Ausstieg vun den USA aus dem Wiener Atomoffkommes mam Iran annoncéiert. En Accord, dee fir de Weltfrieden insgesamt, awer besonnesch och fir e séchere Mëttleren an Noen Osten extrem wichteg ass.

Aus der Siicht vun der LSAP war dat e fatale Feeler vun den USA, well et doduerch zu engem neie Wettrüste komme kann an enger Region, wou et schonns vill Kricher, Stellvertrederkricher, arméiert Konflikter, humanitär Krisen a politesch Onstabilitéit gëtt.

Erlaabt mer, kuerz drun ze erënneren, dass den Nuklearaccord vun 2015 en 13 Joer laangen Atomsträit mam Iran bäigeluecht huet! Duerch deen Accord, dee vun Iran, vun de fënnf permanente Vertrieeder am UNO-Weltsicherheitsrot - USA, China, Russland, Frankräich a Groussbritannien -, awer och vun Däitschland ënnerschriwwen gouf, huet sech den Iran verpflichtet, fir mindestens zéng Joer grouss Deeler vu sengem Nuklearprogramm drastesch ze beschränken, fir keng Atomwaffe bauen ze kënnen.

Duerch déi unilateral US-Decision géint den Accord kéint elo am Noen Osten en atomaart Wettrüsten ausgeléist ginn. Méi Waffen, méi Militär, méi Droungen ass genau de Géigendeel vun deem, wat déi Region do brauch, an et ass och de Géigendeel vun deem, wat mir als Europäer wëllen.

D’Stockholmer Friddensfuerschungsinstitut SIPRI huet ausgerechent, dass sech den Import vu Waffen an den Noen a Mëttleren Osten an de leschten zéng Joer méi wéi verduebelt huet. 32% vun alle Waffeliwwerunge kommen do un, an dat, obwuel an deser Region nëmme 5% vun der Weltbevölkerung liewen!

Och hei wëll a muss ech niewebäi drun erënneren, dass Europa do eng Responsabilitéit dréit. An ech wëll hei kloer am Numm vun der LSAP soen, dass dat Thema „europäesch Waffenex-

porter“ an der EU vill méi offen ugeschwat muss ginn.

Zréck nun zum Nukleardeal mam Iran. D’Europäesch Union a besonnesch déi Baussebeoptragten, d’Madamm Federica Mogherini, hunn e grouse Verdéngscht, dass deen Accord mam Iran 2015 zustane komm ass. Dat huet natierlech seng Ursachen. Mir hunn als Europäer de gréissten Interêt, schonn eleng aus geografeschen Ursachen, well mir vill méi no beim Iran si wéi d’USA. Well deen Accord mam Iran e Succès war an ass, muss d’Europäesch Union och elo alles maachen, fir deen Accord ze retten.

Den Deal huet näamlech bewisen, dass et méiglech ass, eng Weiderverbreedung vun Atomwaffe mat diplomatesche Moyenen ze verhënneren. Eng Rüstungsuegd am Noen Oste wier also elo de facto net nëmme d’Enn fir den Atomwaffensperrvertrag, dee säit Mäerz 1970 a Kraaft ass, mä och fir den aktuelle System vun der nuklearer Rüstungskontroll.

A senger Ried vum 8. Mee 2018 huet den Donald Trump e Coup gelant, mat deem hien den Iran treffe wollt. Mä mir bedauern als LSAP, dass dëst e Coup ass, mat deem en am Fong déi ganz Welt getraff huet.

Ech hu mer de Video vun der Ried am Diplomatic Room vum White House nach eemol ganz genau ugekuckt an nogelauschtert. Et huet mech wierklech verwonnert, dass den US-President do einfach esou behaupt huet, den Iran géif trotz Accord u sengem Waffeprogramm weiderschaffen, an e beriff sech dobäi op eng Pressekonferenz vum israellesche Premierminister Benjamin Netanyahu, an dat obwuel den neien US-Ausseminister Mike Pompeo an och den Dan Coats, den Direkter vum amerikaneschen nationalen Norichtendéngscht, nach viru ganz Kuerzem an engem Hearing am US-Kongress ausdrécklech erkläert hunn, dass et keng Beweiser géife fir iranesch Verstéiss géint den Accord.

Wéi ech um Enn vum Här Trump senger Ried d’lescht Woch den John Bolton, de Sécherheitsberoder am Wäissen Haus, deem säi Laachen an och säi Gesichtsausdruck gesinn hunn, dunn ass et mer bal kal de Réck erofgelaf, well et och genau deen John Bolton war, deen ënnert dem fréieren US-President Bush Junior trotz mangelnder Beweiser vu Massevernichtungswaffen am Irak deemools ee vun den Haaptkrichsdreier war!

Den Irak-Krich mat all senger Konsequenze war d’Resultat, an och déi verstärkt Roll vum schitteschen Iran an der Region ass iwwregens eng Konsequenz vun deem sinnlosen Irak-Krich. Et ass also ze hoffen, dass duerch des nei Feelinschätzung vun engem amerikanesche President et net nees zu weidere Kricher kënn, an et ass ze hoffen, dass sech haut, 2018, Europa an deser Fro net méi wéi deemools auserneendivideiere léisst.

Et ass haut ze begrëssen, dass Frankräich, Däitschland a Groussbritannien an och déi ganz EU hannernt dem Accord stinn an déi US-Decision condemnéiert hunn a virun Eskalatioun warnen.

Mir sinn als LSAP och der Meenung, dass sech duerch des eesäitg Decision déi gespaante Lag weder am Iran nach an aneren Deeler vum Noen a Mëttleren Oste verbessere wäert. Au contraire, et ass ze fäerten, dass d’Reformkräften am Iran geschwächt ginn an dass déi reliés, äerzkonservativ an aggressiv Kräften an deem Land gestärkt ginn an den Iran sech dann och eventuell net méi wäert un den Accord halen a seng Programmer, fir Nuklearwaffen hierzustellen, erëm ophëlt.

Wann da Saudi-Arabien, wat d’Atommuecht Pakistan finanziell ënnerstëtzt, och an de Besëtz vun Atomwaffe kënn an och nach Ägypten, jo, da sinn d’Situatioun am Noen an am Mëttleren Osten an d’Sécherheet vun Israel sécher net garantéiert!

Här Minister, ech ginn lech dofir vollkomme recht, wann Dir an engem Interview mam „Spiegel“ gesot hutt, dass déi Liichtfertegkeet vun amerikanesche President lech spraachlos mécht. D’LSAP begréisst och Är Ausso, dass d’USA vum Här Trump Europa net ze dikteieren huet, wéi et mam Iran als Europa ëmzegoen huet, an dass Europa keen Zwerg op der internationaler Bün däréi sinn, mä mat Stabilitéit an Entschlossenheet géintiwwer den USA optriede soll.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, all dëst wëllt awer net heeschen, dass een den Accord mam Iran inhaltlech och net kritiséieren däréi, an nach manner, dass een de Regime an d’Politik am Iran net méi kritiséieren däréi. Den Nukleardeal mam Iran war sécher net perfekt, mä et ass ganz einfach illusoresch ze gleewen, dass et zu engem besseren Accord komme kéint, andeems een dat Erreechtent einfach futtimécht.

An dat Erreechtent war ouni Zweifel dat Beschte, wat viru bal dräi Joer no laange Verhandlungen erauszeschloe war. Déi nuklear Ambitioun vum Iran goufe gebremst, den Iran hält sech un den Accord, an dat ass och duerch eng Dose Kontrolle festgestallt a festgehal ginn.

Den Iran huet allerdéngs och weiderhin Hege-moniespréch am Noen Oste gestallt an en huet och weiderhin u ballistesche Rakéiteprogrammer geschafft. Jo, dat stëmmt! Mä dat kann een net, wéi dat verschidde Commentateuren elo maachen, als Rechtfertegung ugin, fir den nuklearen Accord ze kritiséieren, well dat waren net d’Ziler vun deem Accord, dat war net, wouzou sech den Iran an deem Accord verflcht huet.

International Politik vis-à-vis vum Iran däréi sech jo net just op den Accord beschränken an aner Problemer mussen eben op aner Weeër ugeschwat ginn.

A jo, de Reproche muss ee sech och als EU, fanen ech, muss ee sech och als EU kënnen gefale loosse. Vläch gouf dat an deene leschte Joren net méi staark genuch gemaach. Et gouf vläch net genuch op d’Menscherechtsverletzungen opmierksam gemaach, well sech ze vill op d’Émsetze vum Accord nucléaire konzentréiert gouf. Déi Kritik ass gerechtfertegt, mä se rechtfertegt an eisen Aen op kee Fall d’Opkënnge vun deem Accord.

Och musse mer als Europäer Aussoe vun iranesischen Hardliner, wéi zum Beispill dem Ayatollah Ahmad Khatami seng Priedegt vum leschte Freideg, wou e gedrot huet, dass den Iran, falls Israel onvernünfteg handele géif, déi israellesch Stied Tel Aviv an Haifa zerstéiere géif, dat muss een natierlech och op dat Schäerfste condemnéieren.

Fir d’Europäesch Union steet am Kontext ronderëm den Iran-Nukleardeal virun allem d’Sécherheet am Noen Osten an dobäi och ons eege Sécherheet um Spill an am Vierdergrond. Mä den Accord huet awer och e wirtschaftleche Volet, dee Volet, deen iwwerhaupt eréischt den Ureiz fir den Iran duergestallt huet, en Accord deemools ze verhandelen.

D’wirtschaftlech Sanktiounen iwwer Joren ewech hunn natierlech net zum Erfolg gefouert. A säit dem Accord goufen dunn erëm ekonomesch Relatiounen geknappt. An och, wann dës ekonomesch Relatiounen, wann dovunner nach net esou vill beim iranesischen Vollek ukomm ass, wéi dat ufanks erhofft war, fannen ech awer, dass mer op engem gudde Wee do waren.

Elo stinn awer net just déi iranesischen ekonomesch Interessen um Spill, wéi dat den Iran och duerch déi Fuerderung no Garantie vum den Europäer innerhalb vun den nächste 60 Deeg dätlich gemaach huet, mä och wirtschaftlech Interesse vun der Europäescher Union, an dat besonnesch am Kontext vun de sougenannten US-sekondär Sanktiounen, déi europäesch Betriber treffe kënnen, wa se am Iran investéieren oder wa se weiderhi mam Iran Geschäfte maachen.

Dofir stellt sech dann eis d’Fro, wéi mir als Europäer wéi ugekënnegt den Accord oprecht-erhale kënnen an déi gefuerdert Garantien och ouni d’USA, wat den ekonomeschen Deel vum Vertrag ugeet, liwwere kënnen.

An erlaabt mer dozou ze froen, Här Minister: Ginn et dozou schonn éischt Diskussiounen an der EU, wéi mer dat garantéiere kënnen?

Eng zweet Fro: Fir dass dat iwwerhaupt geléng kann, muss d’Europäesch Union dann net och derfir suergen, déi wirtschaftlech Konsequenzen op europäesch Betriber vun den US-Sanktiounen esou wäit wéi méiglech ze begrenzen?

Wat fir eis ganz wichteg ass als LSAP, Här President, ass, dass mer als Europäer an deem Dossier weiderhin gëeent bleiwen a gemeinsam handeln.

An, Här Minister, mir zielen op lech, dass Dir am Conseil zu Bréssel an aneren internationale Foren dozou bäidroen wäert, dass mir als EU versiche wäerten, alles ze ënnernhuelen, dass et net zu enger Eskalatioun kënn an esou en nukleart Wettrüste verhënnert ka ginn.

Erlaabt mer, lech nach eng lescht Fro zu Är Aschätzung op der politescher internationaler Bün ze stellen! Kënn Dir eis eppes soen zu de Gespréicher mat Russland a China? Dat si jo och Partner vun deem Accord.

Als Konkusioun wëll ech soen, dass déi unilateral Handlung vun den USA ënnert dem Här Trump, sief dat hei am Iran-Dossier oder déi Decision, d’US-Ambassad op Jerusalem ze verleeën, dass dat Provokatioun sinn, déi sécher net zum Frieden an där Region bäidroen, wéi mer dat jo och geschter leider hu misse feststellen op der Grenz vun Israel a Gaza. A mir wëllen als LSAP hei ganz kloermaa-